ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 24/03/2024

# Rapport vun der Kultur an Fräizäit Kommissioun

## Sëtzung vum 12 Mäerz 2024

## Presenzen

| Present | Net present |
|---|---|
| PINTO Toni | BOCK Stefanie (entschëllegt) |
| REDING-SCHARLE Corinne | BROSIUS Thierry |
| WETZEL Mike | CINCIS Patrick (entschëllegt) |
| WIRTZ Sandra | DOEMER Patrick (entschëllegt) |
| | LEROY Michelle (entschëllegt) |
| | MEYER Louis (entschëllegt) |
| | VOSSMAN-KIEFER Diane (entschëllegt) |

Des Versammlung ass duerch Baamaktioun déi den 23.03 sollt sinn kuerzfristeg aberuff ginn.

## Punkt 1: Bam fir den Gemengerot

De Buergermeeschter huet der Kulturkommissioun matgedeelt, dass Baamaktioun den 23. Mäerz net stattfanne kann.

Kommissioun ass gefrot ginn en neien Datum am September ze fanne fir dëst nozehuelen.

Déi véier nei Leit aus dem Gemengerot déi e Bam geplanzt kréie sollen, hunn zesummen ausgemaach, dass zwee Kiischten an zwee Äppel Beem an de Bongert vun der Schoul zu Brouch solle geplanzt ginn. All weider Organisatioun leit bei der Kulturkommissioun.

## Punkt 2: Bam fir déi "Nei Gebueren"

Am Zesummenhang mat der Aktioun fir Beem fir déi nei Leit am Gemengerot ze planzen, ass d' Iddi opkomm och all Joer e Bam fir déi "Nei Gebueren" aus der ganzer Gemeng Helperknapp ze planzen. Domat géing en eng Méiglechkeet schaffen, wou d' Elteren sech kenne kënne leieren.

Kulturkommissioun freet de Gemengerot ob en dëst Joer kéint déi béid Aktiounen zesumme stattfanne loossen?

Helperknapp, 24/03/2024

## Punkt 3: Visitte vun Gemengen Sitten

D' Kulturkommissioun proposéiert dass en zesumme mat aner Kommissiounen eng Visitte vun de kulturellen a fräie Sitten sou wei d' Raimlechkeeten an der Gemeng kéint maachen. Fir en Iwwerbléck ze kréie wat an der Gemeng zu Verfügung steet an eventuell sou nei Zwecker fir des Sitte fanne kann.

## Punkt 4: Nächst Sëtzung

Déi nächst Sëtzung ass weiderhin de **29 Abrëll um 19h00** Auer, dënn Sall geet nach matgedeelt.